Meshnet Lëtzebuerg

Mir hunn e neie Projet, an deem mir alles, wat mat Mesh-Technologie ze dinn huet, ënner meshnet.lu zesummefaassen. Dëst ëmfaasst ënner anerem lafend Projeten wéi Freifunk Lëtzebuerg, wéi awer och neies wéi Meshtastic a Meshcore.

Momentan konzentréiere mir eis awer drop, Meshcore zu Lëtzebuerg auszebauen an seng Benotzung ze analyséieren.
Wann Dir elo direkt en Iwwerbléck iwwer Meshcore hei am Land wëllt kréien, dann kuckt w.e.g. op live.meshnet.lu.

Eng dedizéiert Websäit am Stil vu Freifunk steet och geschwënn zur Verfügung. Do wäerte mir Konfiguratiounen, Guiden fir Nodes selwer ze bastelen, Best Practices an de juristesche Kader zu Lëtzebuerg publizéieren.

meshnet

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=news:2026:0622_meshnet.lu&rev=1782115527

Last update: **2026/06/22 10:05**